



Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
Präsident vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg de 15. Februar 2023

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Verkéiersminister weiderzeleeden.

Am Artikel "Längere Lenkzeiten, kürzere Pausen", deen de 15. Februar am Tageblatt publizéiert gouf, heescht et, datt d'EU-Kommissioun d'Reegelung vun de Rouzäite fir Buschaufferen iwwerschafe wëll, wat notamment zu méi laange Schichten a méi kuerze Pause kéint féieren. D'Gewerkschafte weisen sech besuergt, datt d'Sécherheet vun de Passagéier opgrond vun enger Iwwerlaaschtung vun de Chaufferen net méi ka garantéiert ginn.

An deem Zesammenhang géif ech dem Här Verkéiersminister gär dës Froe stellen:

- 1) Kann den Här Minister seng allgemeng Positioun zu där ugekënnegter Neiregelung elaboréieren a preziséieren, wéi hien de potenziellen Impakt op déi allgemeng Sécherheet souwuel vun de Passagéier wéi och dem Trafic am allgemenge beurteelt?
- 2) D'Käschte vum öffentlechen Transport gëtt zu Lëtzebuerg vollstänneg duerch déi öffentlech Hand gedroen. Kann den Här Minister de budgetären Impakt vun där genannter Neiregelung chiffrieren an an deem Zesammenhang garantéieren, datt de gratis öffentlechen Transport zu Lëtzebuerg nimmools zulaaschte vun den Aarbechtskonditioune vum Personal finanzéiert gëtt?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten